ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Wunnengsminister weiderzeleeden.

De Fonds de Logement schéngt eng Zäit laang finanziell Schwieregkeete gehat ze hunn, ass mir zougedroe ginn. Anscheinend wär eng Kreditlinn ewechgefall, wouduerch de Fong eng Rëtsch Rechnungen net mat Zäit konnt bezuelen. Dat hätt och zu wierkleche finanzielle Verloschter gefouert. Op Grond vun dësen Informatioune wëll ech der Madame Wunnengsminister e puer Froe stellen:

1. Ass et richteg, dass Enn 2014 oder Ufank 2015 eng Kreditlinn vum Fonds de Logement ewech gefall ass an datt de Fong doduerch Rechnungen net konnt mat Zäit bezuelen?
2. Ass et richteg, datt dës Kreditlinn bei der Banque ING war? Iwwer wéi e Montant war dës Kreditlinn?
3. Iwwer wéi e Montant war d'Zomm vun den onbezuelte Rechnungen op Grond vun där opgeléister Kreditlinn?
4. Wat waren d'Grënn vun der Bank, op nun ING oder eng aner, fir dës Kreditlinn opzeléisen?
5. Kann et sinn, datt dës Aktioun och eng Konsequenz vun den ugehollene „Dysfonctionnementer" beim Fong war, déi am Dezember an der Presse stoungen?
6. Wéi e Schued ass dem Fong duerch dës Aktioun entstan? Sinn an där Zomm Strofen agerechent, déi wéinst net mat Zäit bezuelte Rechnungen fälleg waren? Wéi vill genee hunn esou Strofen ausgemaach?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten